# D'Sprooch

eng KLACK fir eis SPROOCH
Nr. 143 / 15. Joer

Actioun Lëtzebuergesch – Eis Sprooch
2, Sosthène-Weis-Strooss, L- 2722 Lëtzebuerg
Tel. : 470 612 / Fax : 222 490
E-Mail: friedjan@pt.lu / faberre@pt.lu / lexroth@pt.lu

Cotisatioun: 13 € - CCPL LU75 1111 0066 4448 0000

Eise Comité an d'Redaktioun :
Claude Bache ; René Faber ; Jeanny a Pierre Friedrich ; Michel Hamilius ; Henri Marbes ; Lex Roth ; Roby Zenner ; Pol Wilmes

nächst Klack : Nr 144 : 8 November 2008



Lex Roth

## Walfer Bicherdeeg 2008

Déi „Walfer Bicherdeeg" sinn **zënter Joer an Dag eng Traditioun** fir all déi, déi Freed un de Bicher hunn. Eng giedeleg „Occasioun" oder fusch-neier, Dir kritt vun allem ze kucken an ze kafen, fir Iech selwer; fir Kanner; fir e flotte Cadeau.

Maacht Iech e „Krop" bei de Samschdeg, 15., oder de Sonndeg, 16. November. Et deet Iech ganz bestëmmt net Leed. **Alles, wat hei am Land mat Bicher ze dinn huet, ass do ...** och eis Actioun-Lëtzebuergesch.

Kommt, schwätzt mat äis, huelt Iech eng Nues vu jidfer Publikatioun ... vläicht gefällt dëst oder dat Iech. Dann huelt et – fir e gudde Präiss! – mat. Mir freeën äis op Äre Besuch an Hal 1! (AL)